N°3650
Entrée le 12.02.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 12.02.2026
Chambre des Députés

DEMOKRATESCH PARTEI
Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här Claude WISELER
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Lëtzebuerg, den 12 février 2026

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un Här Minister fir d'Educatioun, Kanner a Jugend weiderzeleeden:

*„ An de leschte Joren huet de Comité de la Conférence du Lycée aus der ENAD an d'Association luxembourgeoise des Formateurs d'adultes (ALFA) widderholl drop higewisen, datt de Statut vun de Formateurs d'adultes an der Fonction publique an am Kontext vum Enseignement secondaire fir Erwuessener strukturell Nodeeler géintiwwer deem vun de Lycéesprofesseren an de Chargéen de cours opweise géing. Dëst géif sech besonnesch an de Mutatiounsméiglechkeete esou wéi an de Beräicher vun der Mobilitéit, dem Zougang zu Funktiounen a Karriärweeër weisen.*

*D'ALFA argumentéiert, datt d'Formatioun, d'Concoursen an d'Stage vun de Formateurs d'adultes zënter der Reform 2015 an denen meeschte Punkten deene vun den Enseignanten am Secondaire géing gläichen. Och géing et Fäll ginn, wou e Formateur d'adultes, sief et zäitlech begrenzt oder ganz, an engem anere Lycée, jee no Besoin vun den Direktiounen, géing agesat ginn, fir do ze ënnerriichten. Iwwerdeems wiere vill Proffen a Chargés de cours an der Erwuessebildung täteg, ouni Zousazformatioun.*

*Trotzdeem wier et aktuell net méiglech, datt e Formateur d'adultes an e reguläre Lycée mutéiert, wärend Professeren a Chargéen de cours bis zu dësem Schouljoer ouni Restriktiounen an den Enseignement fir Erwuessener, wiessele konnten. Zousätzlech géing et rezent Ausschreiwungen an Direktioune ginn, déi Formateurs d'adultes explizitt ausschléissen oder de Statut « Professeur » viraussetzen, obwuel d'Posten am selwechte Groupe de traitement géinge géifen an de Kompetenze vun de Formateuren theoretesch géifen entspriechen.*

*An deem Kader wollte mir dem Här Minister fir d'Educatioun, Kanner a Jugend folgend Froe stellen:*

1. *Wéi vill Formateuren d'adultes ginn et aktuell zu Lëtzebuerg verdeelt op déi verschidde Sitten (ENAD, INL, CNFPC)?*
2. *Wéi vill Professeren, Chargés de cours a Léierpersonal aus dem Fondamental schaffen aktuell an den Instituter vun der Erwuessenebildung?*

3. *Wéi ee Personal gëtt an de Lycéeë bei volljäregen/erwuesse Schüler agesat, zum Beispill a Klasse vun der Beruffsausbildung, dem Cycle supérieur oder BTS?*
4. *Wéi sinn déi asymmetresch Mobilitéitsreegelen ze erklären, déi et Professeren erméiglechen, an den Enseignement fir Erwuessener ze wiesselen, awer net ëmgedréint, obwuel d'Qualifikatiounsniveaue vun de Formateur d'adultes (Bachelor/Master, Concours, Stage) änlech héich sinn?*
5. *Wou gesäit den Här Minister konkret d'Differenzen tëscht der Ausbildung vun engem Formateur d'adultes an der vun engem Enseignant am Enseignement secondaire, besonnesch wat Stage, Concours, didaktesch Formatioun an d'Roll vum IFEN ugeet?*
6. *Aus wéi enge Grënn gi Formateurs d'adultes bei verschiddene Postes à responsabilité am Ministère oder an Direktiounen ausgeschloss, och wann dës Posten am selwechte Groupe de traitement leien an d'Aarbechtsinhalter mat hire Kompetenze kompatibel wieren?*
7. *Wéi bewäert den Här Minister d'Fro, ob - ënner kloer definéierte Konditiounen - e Passage vu Formateuren d'adultes an de reguläre Lycée méiglech gemaach kéint ginn, zum Beispill iwwer eng Ergänzungsformatioun oder eng gezielt Validatioun vun hire Kompetenzen?*
8. *Ass den Här Minister der Meenung datt de Statut vum Formateur d'adultes a senger aktueller Form a similärer Ausbildung zum Enseignant am Enseignement Secondaire nach Sënn mécht?"*

Mat déiwem Respekt,

Gilles BAUM
Deputéierten

Barbara AGOSTINO
Deputéiert